

Infrastruktur, déi hinnen et och erlaabt all déi Formatiounen unzibidden, déi se kënnen ubidden.

An ech wëll do, dat als lescht, just nach op der Madame Loschetter hir Remarquen iwwert d'CATP-Ausbildung kommen: Also ech fannen et wichteg, dass mer eng nei CATP-Ausbildung sou séier wéi méiglech offréieren. Et ass awer esou, dass et mam beschte Wëllen an där Infrastruktur, an där Capacitéit, déi den IEES de Moment huet, net méiglech ass, do déi Ausbildung unzibidden. An duerfir hunn ech awer fonnt, et wär awer keng Ursaach fir deen CATP net unzibidden. An ech denken och d'Madame Loschetter war mat mir do d'accord, duerfir also: Eis Prioritéit an den nächste Méint ass eng definitiv Bleif ze fanne fir deen neie Lycée vun de Professions éducatives et sociales.

Merci fir dee Vote a bonne chance fir de Lycée.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Madame Minister.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5408 iwwert den Enseignement musical. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

#### 4. 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant

**a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;**

**b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;**

**c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**

*Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture*

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretär, Madame Minister, soll ech waarde bis déi Leit, déi net méi wëlle bliewen...

*(Hilarité)*

Da kënnen mer och an aller Rou an an aller Intimitéit eise Projet duerchschwätzen.

**Une voix.**- Dann ass et méi harmonesch!

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Et huet alles seng Avantage. Da si mer alt roueg heibanen.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeinnen, bei dem Projet 5408, dee mer haut duerchhuelen, geet et just ëm eng Ännerung vum Artikel 12 vum Gesetz vum 28. Abrëll 1998 iwwert den Enseignement musical. Mer wëssen nach ganz gutt, datt d'98er Gesetz e Kompromiss war, mä, ech betounen, e gudde Kompromiss, deen d'Madame Erna Hennicot-Schoepges fonnt huet, fir all méiglech an esouguer géigesätzlech Interessen a Sensibilitäten an engem Gesetz zesummenzefaassen.

An deem Gesetz gouf nämlech de Plaffong vun der finanzieller Bedeelegung vum Stat op 190 Milliounen Lëtzebuerger Frang festgeluecht. Mat dem Projet de loi vun haut setze mer dëse Betrag op 7.367.000 Euro erop, ech hunn lech dat ausgerechent, zirka 300

Milliounen, ganz genau 297.182.043. Wann Der 300 Milliounen verhaalt, da leit Der richteg.

D'Erhéijung vum Plaffong ass engersäits bedéngt duerch d'Evolutioun vun de Gehälter, déi, esou wéi d'Gesetz vum 1998 et festgeluecht hat, zu engem Drëttel vum Kulturministère, zu engem Drëttel aus dem Fonds communal de dotation financière an zu engem Drëttel vun de Bedreiwergemenge selwer bezuelt ginn, an do dernieft mussen déi och nach all Fonctionnementskäscht selwer droen. Anerersäits gëtt et awer eng aner Ursaach fir d'Eropsetze vun deem Betrag: Well am Joer 2002 de Museksunterrecht, dee vun dem Gemengesyndikat Dikrech an Ettelbréck ugebuede gëtt, de Statut vum Conservatoire de musique kritt huet, gradesou wéi de Museksunterrecht vun der Gemeng Déifferdeng de Statut vun enger École de musique kritt huet.

Dës Décisiounen, wouriwwer déi Gemenge selbstverständlech frou sinn, bréngen awer noutgedronge finanziell Konsequenze mat sech, sou datt Upassunge vum Gesetz fälleg ware fir de Budget 2005. Dat heescht, d'Zomm vum Joer 2004, do stoungen am Budget 6.836.000 Euro; dës Zomm geet ëm 360.806 Euro erop, wéinst der Promotioun an d'Grade vun engem neie Conservatoire de musique an och vun enger neier Museksschoul. Mä ganz besonnesch - an dat wëll ech betounen, d'Leit aus dem Ministère hunn eis dat erkläert - aus der Suerg eraus, fir datt déi aner Gemengen net benodeelegt oder geschiedegt géife gi mat dëser Mesure.

Vun dësen 360.806 Euro geet déi eng Halschent zu Laaschte vum Kulturministère an déi aner Halschent zu Laaschte vum Ministère de l'Intérieur iwwert de Fonds communal de dotation financière.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet ass den 29. November 2004 vun den Häre Ministere Biltgen an Halsdorf - ech muss lech jo lo net soen, welch Resortë se hunn; wann een heibanen ass, deen et net weess, dann zielen ech d'Ressorten op -; Biltgen an Halsdorf hunn dee Projet hei an der Chamber deponéiert.

De Statsrot huet säi positiven Avis den 21. Juni 2005 ofginn. An den 30. Juni hat d'Kommissioun vum Enseignement supérieur, vun der Recherche a vun der Kultur eng gemeinsam Réunion mat der Kommissioun vun den Affaires intérieures a vum Aménagement du Territoire, wou ech dann als Rapporteur vun deem Gesetzestext bestëmmt gouf.

An dëser Réunion goufen de Projet de loi an den Avis vum Statsrot analyséiert. Hei koumen eng ganz Partie Froen op den Dësch, an zwar Froen iwwert d'Organisatioun vum Museksunterrecht an de Gemengen an an de Gemengesyndikater.

De Punkt, iwwert deen awer am meeschten diskutéiert gouf, a sécher an Zukunft och am meeschten diskutéiert wäert ginn - et ka jo net anescht si wann et ëm Gemenge geet -, dat ass dee vun der finanzieller Bedeelegung tëschent Stat a Gemengen.

Och de Statut vum Personal bleift e Problem, well d'Personal an deene verschiddene Museksschoule gradesou verschidden ass wéi d'Offer vum Museksunterrecht selwer. Et gëtt nämlech Museksproffen aus der Carrière E7, et gëtt Chargés de cours mat enger hallwer Tâche, et gëtt Chargés de cours mat enger ganzer Tâche, et gëtt Chargée mat dräi, véier, siwe Stonne pro Woch. Déi eng hunn en Zäitkontrakt, déi aner hunn e Contrat à durée indéterminée an anerer sinn als Employé privé agestallt an esou weider an esou fort.

Fir deen Drëttel, deen d'Gemenge vum Ministère de l'Intérieur aus dem Fonds communal de dotation financière kréien, leie prezis Kritäre

vir, an zwar wat d'Héicht vun de Gehälter betrëfft, wat d'Qualifikatioun vum Personal an d'Anciennetéit vum Personal betrëfft. All dës Facteure spillen eng ganz wichteg Roll an all dat bréngt mat sech, datt d'Subventionéierung vu Gemeng zu Gemeng verschidden ass.

Gradesou verschidden ass lo-gescherweis och d'Reaktioun vun de Gemengeverantwortlechen. An dat hu mer och gelies am Avis vum Syvicol, dee sécher dorobber wäert zrëckkommen, gradesou wéi vill Gemengeverantwortlech op dës Fro wäerten zrëckkommen, och - an dat wëll ech betounen haut, wou mer zum Schluss vun enger laanger Sitzung sinn - wann dës Fro net den direkten Objet vun deem Projet de loi ass.

Ech wëll awer hei der Madame Statssekretärin Octavie Modert an hirem Fonctionnaire aus der Kultur, dem Här Schmoetten, wéi och dem Fonctionnaire, deen zoustänneg ass fir d'Finanzen am Intérieur, dem Här Leonhard, e grouse Merci soe fir hir Gedold...

*(Hilarité)*

...a fir hir Kompetenz, mat där si op déi vill Froe geäntwert hunn, a besonnesch fir d'Bereitschaft, eis bei Geleeënheet, dat heescht wa si d'Analys iwwert de wierkleche Käschtépunkt vum Museksunterrecht ofgeschloss hunn, weider Detailer ze ginn.

Dofir hu mer an der Sëtzung vun der Kulturkommissioun vum 5. Juli op Proposition - an ech bedauern, den Här Gira huet mech elo virun enger Véirelstonn drop opmierksam gemaach, dass déi Kommissioun eleng getagt huet. Ech muss soen, Här Gira, mir hätte gradesou gutt kënnen zu deenen zwou Kommissiounen tagen. Et hätt sécher näischt geännert, a wann dat en Oubli war, dann entschëllegen ech mech. Et hätt een deen anere kënnen vläicht drop opmierksam maachen. Mä op jidde Fall war et net esou gewollt.

Mir hunn op jidde Fall an der Sëtzung vun der Kulturkommissioun vum 5. Juli op Proposition vun der Kolleeigin Claudia Dall'Agnol unanimement beschloss, mir sollten dës Analys vun de respektive Ministären ofwaarden an dann eventuell, eventuell nei diskutéieren. Haut geet et jo eigentlech just drëm, ob mer d'accord sinn, fir de Plaffong vun der finanzieller Bedeelegung vum Stat zum Museksunterrecht eropzesetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. D'Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture huet dat an der Sëtzung vum 5. Juli gemaach, wéi si mäi schrëftleche Rapport mat grousser Majoritéit ugeholl huet, an ech wier lech, léif Kolleeinnen a Kolleeen, ech misst deenen et och nach soen, déi muer de Mëtteg kommen, dankbar, wa jiddereen datselwecht géif maachen an d'Gesetz stëmmen. An domadder géif ech ofschléissen, awer net vergiesen, den Accord vu menger Fraktioun, dat heescht vun der CSV ze ginn.

Ech soen lech Merci fir Är aussergewöhnlech Opmierksamkeit!

*(Hilarité)*

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Merci villmools, Madame Stein. Esou wéi mer dat zesummen ofgemaach hunn, gi mer elo ausnahmsweis dem Här Gira d'Wuert, deen och nach eng wichteg Réunion a senger Gemeng huet. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

*Discussion générale*

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Här President, merci am

Ufank de Kolleeen a Kolleeinnen, déi mer de Virtrëtt hei loossen, wat mer effektiv erlaabt, nach zur Zäit op enger öffentlecher an domat schlecht verréckelbarer Réunion den Owend ze sinn. Ech probéieren dann och mech esou kuerz wéi méiglech ze halen.

Ech fannen et schonn e bëssen erstaunlech, dass mer wéinst enger Erhéijung vu just 360.806 Euro vun engem Kredit am Statsbudget hei de ganzen Opwand bedriwen, fir en extrat Gesetz op den Instanzeweze ze ginn. Duerfir bedauere mir als Gréng e bëssen, dass mer net vun deem Opwand profitéiert hunn, fir eng méi substanzuell Evaluatioun vum Gesetz iwwert d'Museksschoule vun 1998 ze maachen.

Duerno hätt een dann och vläicht kënnen a solle méi eng substanzuell Upassung vun deem Kredit maachen. Well ech mengen, an d'Rapportrice huet dat och schonn ugedeit, d'Diskussiounen an der Réunion jointe, awer och den Avis vum Syvicol weisen, dass d'Problemer um Terrain awer nach wierklech net alleguerte geléist sinn an dass déi finanziell Répercussiounen, virun allem op d'Gemengebudgeten, sech awer trotzdem méi oder wéineger esou entwéckelt hunn...

*(Coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.**- Här Gira!

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Pardon.

**M. le Président.**- Här Gira, d'Rapportrice wëllt kuerz eppes soen.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Jo.

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Jo, Här President, ech géif dem Här Gira awer wierklech gare soen, et geet ëm méi wéi 306.000 Euro! Déi 306.000 Euro, déi si geduecht als Kompensatioun, dass déi zwee, de Syndikat vun Dikrech an Ettelbréck, en neie Statut kréien, esou wéi d'Gemeng Déifferdeng. Mä et geet am Ganzen ëm eng Erhéijung vu méi wéi 100 Milliounen.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Neen, dat ass awer net richtig, Madame Rapportrice. Déi aner Sue gi souwisou all Joer erhéicht.

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Jo, mä wie rechent dat esou?

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Neen, dat steet am Gesetz an dofir bräichte mer kee Gesetz ze maachen. Dat ass en Artikel, deen am Gesetz steet. Dat geet mat der Masse salariale vun de Statsbeamten. Dee Montant ass automatesch an d'Luucht gaangen, an dowéinst hätte mer haut net brächten ungetrieden.

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Jo, wann Dir dat mengt, da geet dat.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Mä ech mengen, fir dass mer awer an der Chamber, Här President, eng kéier eng seriö Evaluatioun vun deem Gesetz kënnen maachen, awer och fir gewuer ze ginn, als Deputéierten, wéi d'Regierung an deem Dossier wëllt weidergoen, erlaben ech mer lech eng Demande d'interpellation ze iwwerreechen zu deem dote Sujet.

*(M. Camille Gira dépose une demande d'interpellation sur le bureau de la Chambre des Députés)*

Mir schéngen dann do, och ouni dass ech an där Sitzung war, awer méi oder wéineger jo déiselwecht Vuë gehat ze hunn, dass et un der Zäit wier, siwe Joer nodeem dat Gesetz gestëmmt ginn ass, eng

Kéier zesummen a Rou an der Chamber kënnen driwwer ze diskutéieren.

Ech ginn lech Recht, Madame Rapportrice, dass haut net d'Geleeënheet dofir do ass. Dofir hoffen ech dann, dass dës Interpellatioun iwwert den Enseignement musical ugeholl gëtt. Da kënnen mer am Hierscht, nodeem dann och all Informatiounen, mengen ech, vun de Ministären, wéi mer dat versprach kritt hunn, virleien, eis eng kéier en Nomëtteg huelen, fir dann d'Vuë vun deenen eenzelne Fraktiounen zu dëser Thematik gewuer ze ginn. Mä da vläicht an hoffentlech och d'Vuë vun der Regierung.

Ech mengen, dass awer opgrond och vun ëmmer méi kleng ginnende Gemengebudgeten et dréngend noutwendeg ass, fir eng kéier ze kucke wou mer do stinn.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Gira.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Ech wollt nach just soen, dass mer awer selbstverständlech déi Erhéijung och hei wäerte stëmmen.

**Une voix.**- Soss wär et awer schlëmm!

**M. le Président.**- Merci villmools. Ech ginn dann elo der Madame Flesch d'Wuert, fir zu deem Projet ze schwätzen.

**Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, léif Kolleeen, fir d'alleréisch wëll ech der Rapportrice Merci soen, a vu dass mer jo an engem musikalesche Kontext hei sinn, géing ech wëlle soen, si schéngt mer eng richteg Femme orchestre ze sinn,...

*(Hilarité)*

...well viru kuerzem huet si ons e Rapport gemaach iwwert d'Moossname vun der UNESCO «pour interdire le transfert de propriétés illicites de biens culturels». Haut schwätze mer vum Enseignement musical communal. Si mécht déi Transitioun mat enger Facilitéit, fir déi ech se nëmme ka félicitéieren.

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.**- Merci, Madame Flesch.

**Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, wéi dat scho gesot ginn ass, de Projet de loi huet zum Zweck, de Plaffong vun der Autorisatioun, déi d'Regierung huet fir um Finanzement vum Enseignement musical communal ze participéieren, ze erhéien, fir zwou Tatsaache Rechnung ze droen: Éischens, dass den Enseignement musical zu Dikrech an Ettelbréck elo de Statut vun engem Conservatoire huet, an zweetens, dass den Enseignement musical zu Déifferdeng de Statut vun enger École de musique huet. Mir wäerten dee Projet stëmmen a mir sinn absolut mat deene Propositionen hei d'accord.

Et bleift awer trotzdem, dass ee kaum kann iwwert d'Gesetz vun 1998 schwätzen, ouni e puer méi allgemeng Froen ze stellen. Och wa mir keng Interpellatioun ukënnen, wëll ech awer op e puer Punkten agoen.

Wéi scho gesot ginn ass, d'Gesetz vun 1998 ass elo siwe Joer an Applikation. Et misst ee kënnen eng Evaluatioun maache vun deem, wat et bruecht huet, a vun deene Lacunen, déi vläicht dra sinn, an et misst ee kënnen gewëssen Adaptatiounen proposéieren. D'UGDA huet dat gefrot bei verschiddene vun hire Kongresser an an anere Réuniounen.

De Conseil supérieur de la musique huet deem Problem säin Avis vum 17. Abrëll 2004 gewidmet. De Syndicat des villes et communes luxembourgeoises huet an engem Avis datselwecht gefrot, an engem Avis vum 17. Mee 2005. Verschid-



de Stied a Gemengen, inklusiv déi Gemeng, déi ech am beschte kennen, hunn dem Kulturminister geschriwwen, fir eng Partie Problemen opzezeechnen, déi d'Applikatioun vum Gesetz vun 1998 mat sech bréngt.

Déi Froen, déi do opgeworf gi sinn, gi vum Contenu vum Enseignement musical, vun der Aart a Weis wéi d'Coursen organiséiert sinn, wéi den Enseignement sech mécht bis zu dem Finanzement. Ech wëll elo net hei op all déi Froen agoen, déi sech an deem Kontext stellen, mä ech wëll nëmmen déi puer Froen erwähnen, déi am Fong verbonne si mat deem Projet de loi, dee mer haut stëmmen, also mat deene Saachen ze dinn hunn, déi mer versichen haut fir Déifferdeng a fir Dikrech/Ettelbréck ze léisen. Dat ass also de Statut vun den Institutionen, d'Organisatioun vum Enseignement musical an d'Participatioun vum Stat um Finanzement vun deem Enseignement.

Bei den Institutions d'enseignement musical schéngt et esou ze sinn - esou ass ons an der Kommissioun gesot ginn -, dass fir vum Statut vu Cours de musique an de Statut vun École de musique eriwierzegen ee muss eng Période probatoire vu fënnef Joer duerchstoën. Ech wier frou, wann d'Madame Statssekretärin ons kéint soen, wat d'Base légale oder réglementaire vun där Dispositioun ass, a wa se ons weider kéint soen, woufir just deen Délai vu fënnef Joer gewielt ginn ass. Et hätt ee kënnen dräi Joer soen; et hätt ee kënnen siwe Joer soen. Woufir fënnef Joer?

Wat nun d'Finanzparticipatioun vum Stat un dem Finanzement vun deem Enseignement musical betrëfft, drängen sech awer eng Partie Froen op. Et ass eng Tatsaach, dass d'A-Kraaft-Triede vun deem Gesetz vun 1998 de Käschtepunkt vum Enseignement musical bedeiend an d'Luucht gesat huet, och weinst der Qualifikatioun, déi vun 1998 u beim Personnel enseignant verlaangt war. Or, zwee Drëttel vun deem Coût bleiwen à charge vun de Gemengen an de Stat leet dann een Drëttel bäi. Nach ass déi Participatioun plafonnéiert.

Et ass ganz kloer, dass dee Plafong de Moment en contradiction ass mat der Dispositioun vum Artikel 12 Alinea 2, déi virgesäit: «L'État participe au financement de l'enseignement musical à raison d'un tiers des rémunérations brutes du personnel enseignant de ces institutions.» Duerch dee Plafonnement si mer guer net méi bei «un tiers des rémunérations brutes du personnel». Mir si bei engem Montant, dee verdeelt gëtt no Kritären, déi déi meescht vun ons net kennen. A mir sinn op jidder Fall net méi am Kader vum Artikel 12 vum Gesetz. Mir sinn am Kader vum Plafonnement, mä duerch de Plafonnement gëtt d'Participatioun vum Stat erofgesat.

De Syvicol weist zu Recht drop hin, dass eng zousätzlech Inkohärenz an deem Gesetz ass oder an de Modalités d'application vun deem Gesetz, well den Artikel 1 vum Règlement grand-ducal vum 14. Abrëll 1999 fixant les conditions et modalités d'exécution de la participation d'État et de l'ensemble des communes au financement de l'enseignement musical virgesäit, dass d'Kreditter vum Stat verdeelt ginn op der Basis vun de Coursen, déi an deene verschiddenen Ordres d'enseignement dispenséiert ginn. Et ass also net méi den Artikel 12, an deem gesot gëtt «sur la base des rémunérations brutes du personnel enseignant». Mä hei hu mer da schonn direkt an de Modalités d'application en anere Kritär.

Also, d'Disparitéite si mat esou Texter préprogramméiert. D'Feele vun Transparenz ass komplett. D'Gemenge wëssen iwwerhaapt net no wat fir enge Kritären déi Fonge verdeelt ginn, an den Imbroglia ass perfekt. Mä vläicht ass

dat gewënscht. Dat sief dohigestallt.

Fir eng gewëssen Illustratioun vun deem ze ginn, wat ech elo gesot hunn, wollt ech op déi eenzeg prezis Chifferen zrëckgräifen, déi ech kennen: Fir de Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, deckt d'Participatioun vum Stat no esou engem Modus 38% vum Käschtepunkt vum Personnel enseignant. An ech soen derbäi, dass zwee Drëttel vum Personnel enseignant am Conservatoire vu Lëtzebuerg Professere sinn, also am E7. 38% vun deem Käschtepunkt ginn hei gedeckt, a 26% vum Käschtepunkt vum Fonctionnement vum Conservatoire.

No den Donnéeën ze jugéieren, déi d'Madame Erna Hennicot-Schoepges an hirer Eegeschaft als Kulturminister am Joer 2002 hei an deem Haus op eng Fro vum Här Scheuer ginn huet, ass deen Taux vun 38% deen niddregsten, deen eng Gemeng am Land kritt. D'Stad Diddeleng zum Beispill kritt fir hir École de musique en Taux de participation vun 72%.

Also, Här President, ech wëll der Stad Diddeleng net hir 72% ewechhuelen. Mä ech géing awer gäre wëssen, wéi sou bei hirer École de musique, vun där mer kënnen unhuelen, dass méi Chargé-de-coursë si wéi Professeren, den Taux de participation vun 72 erreicht gëtt, während an engem Etablissement, an deem zwee Drëttel vum Personal am E7 ass, mir en Taux de participation vun 28% hunn? Dat als Illustratioun vun deem, wat ech virdu gesot hunn.

No de Renseignerment, déi d'Madame Statssekretärin ons an der Kommissioun ginn huet an déi och hei erwähnt si gi vun der Rapportrice, sinn all déi concernéiert Ministären elo derbäi ze kucken, wat de Käschtepunkt vum Enseignement musical effektiv ass a wat à charge vun de Gemengen ass. Ech géing mengen, dass wier eng gutt Saach, mä et soll ee mat deenen Aarbechte virumaachen an et soll ee gemäss och der Demande vum Syvicol engersäits de ganze Modell vun der Répartitioun tëschent de Gemengen erëm op de Métier huelen, an et soll een anersäits och, wéi de Syvicol et freet, d'Enveloppe globale vum Stat an der Zouwendung fir den Enseignement musical renégociéieren.

Et muss een och, an dat ass fir mech nach bal méi wichteg, dofir suergen, dass d'Repartitioun tëschent de Gemengen équitabel ass, no objektive Kritäre virgeholl gëtt, an no Kritären, déi vu jiddferengem kann sinn, also a voller Transparenz.

En zweeten duebele Problem, Här President, deen ech wëll opwerfen, stellt sech fir eng Partie Gemengen, déi Schwierigkeiten hu bei der Organisatioun vun engem Enseignement musical an notament beim Recrutement vu Chargé-de-coursen. D'Stad Lëtzebuerg ass net betraff, dofir schwätzen ech ganz - wéi soll ech soen? - gelassen iwwert deen dote Problem. Verschide Gemenge bekloe sech, dass se net méi kënnen Museker vun der Militärmusek astellen, fir déi Musekskursë bei hinnen ze ginn, an dass se also mussen Enseignantë siche bis an d'Ausland. A wa se dat da maachen, da stousen se sech un där Dispositioun, déi virgesäit, dass net nëmmen d'Professeren, mä och d'Chargé-de-coursen déi dräi administrativ Sprooche vum Land musse kennen, dat heescht Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch.

Natierlech, wann Der e Professor oder e Chargé de cours importéiert vun Namur oder vu Viron, dann ass et net evident, dass hien och ka Lëtzebuergesch schwätzen. E kann awer vläicht ganz gutt Flûte spillen a sengen Elëven dat mat op de Wee ginn, wat se brauchen, fir am Enseignement musical weiderzekommen. Ech géing also d'Statssekretärin bidden mat Bienveillance engersäits mat dem Kolleg vun der Fonction publique de Problem

vun den Autorisatiounen vun den Heures supplémentaires bei de Museker vun der Militärmusek ze präiwen, an anersäits sech ze iwwerleeën, ob et wierklech onëmgängelech ass, dass e Chargé de cours deen dräi Stonne laang Gei oder Piano oder Flûte traversière enseignéiert an enger Gemeng, onbedéngt muss déi dräi administrativ Sproochen aus dem Land schwätzen.

Wann do Léisunge géinge fonnt ginn, géing ech mengen, géinge mer ville Gemengen entgéintkommen.

Här President, ofschléissend, mir ënnerstëtzen d'Proposition vum Rapporteur, dass mer sollen, wann déi Finanzetüd vun de Ministären ofgeschloss ass, op déi Fro zrëckkommen an aller Serenitéit. Anersäits si mer awer och der Meinung, dass et gutt wier, wann d'Regierung op déi vill Demandé géing agoen, dass d'Applikatioun vum Gesetz vun 1998 soll evaluéiert ginn, dass ee soll kucken, ob a wou vläicht nach eppes ze verbesseren ass, an dass een dann eng objektiv Evaluatioun mécht an, wann et sech opdrängt, Adaptatiounen proposéiert.

En attendant, Här President, wäerte mir dëse Projet stëmmen.

**Plusieurs voix** - Très bien!

**M. le Président** - Merci, Madame Flesch. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol.

**Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP)** - Merci, Här President. Madame Statssekretärin, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Rapportrice an och meng Virriedner sinn op munches schonn agaangen, an esou wëll ech lech oder besser gesot deene puer, déi zu dëser spéider Stonn nach hei sinn, a mir selwer dann och d'Widderhuelung dovunner erspuren.

Ech mengen och, dass et zu dësem Projet de loi - wéi d'Madame Rapportrice jo och schonns sot - net méi vill Neies ze erziele géing ginn, an ech sinn dann och iwwerzeegt, dass si dat Wichtigst och scho gesot huet, an dass och de schrëftleche Rapport däitlech, ausféierlech an och méi wéi compréhensibel ass.

D'Gesetz selwer, wat mer haut wäerten änneren, an och dat gouf jo schonns gesot, datéiert awer vun 1998. Eng Zäit also, an där ech leider nach net d'Eier hat an dësem héijem Haus ze siégéieren, sou dass ech déi deemoleg Diskussiounen just noliese konnt.

Ech kann awer op d'Lecture hi soen, dass déi Leit, déi deemools en cause waren, sech ganz vill Méi ginn hunn, fir e gutt an och e kohärent Gesetz ze maachen.

D'Zäit ass allerdéngs net stoe bliwwen an och den Enseignement musical huet sech verännert. Et sinn ëmmer méi Kanner an och ëmmer méi Erwuessener, déi heivunner wëlle Gebrauch maachen. Duerch ass dann och d'Offer méi vaste ginn, wat alles an allem jo eigentlech eng gutt Saach ass.

Wann een dann och weess, dass schonns virun 1998 bal 20 Joer un engem Gesetz fir den Enseignement musical geschafft gouf, ouni Erfolleg, da mengen ech weist dat och, wéi komplex eigentlech d'Matière ass.

Wann een dann nach dobäi weess, dass dat Gesetz vun '98 bal zwee anenhalleft Joer um Instanzewee war, da gesäit een nach méi staark wat un Diskussiounen néideg war, fir dat Gesetz iwwerhaapt deemools zustan ze bréngen. An och wann et e gutt Gesetz ass, wat schlussendlech gestëmmt gouf, esou ass et elo dach siwe Joer al, an et kann een duerchaus drun denken, wéi och scho meng Vir-

riedner hei ënnerstrach hunn, fir ze kucken, ob et nach ëmmer zäitgeméiss ass, an, wann dat net sollt de Fall sinn, wat et dann ze verännere, respektiv ze verbessere géing ginn.

An dës Meinung, déi ass jo och vun aneren Acteure scho geäussert ginn, ënner anerem och vum Syvicol a sengem respektiven Avis.

An och den deemolege Rapporteur vun deem Projet hei an der Chamber hat a senger Intervention gesot, dass si sech deemools deem schonns bewosst waren, ënner anerem well se mat deem Projet Neiland betratt haten an dass se also keng Erfahrungswäerter hatten, op déi se konnten zrëckgräifen.

Wann een d'Interventiounen vun de Kommissionsmemberen an der Diskussioun vum Projet 5408 matkritt huet, an och dann hei d'Interventiounen vu menge Virriedner, da weess een, dass der och do der Meinung sinn, dass et Zäit gëtt, d'Analys vum Gesetz vun 1998 ze maachen. Haaptsächlech natierlech, an dat ass jo och méi wéi däitlech hei schonn ugeklungen, zum Volet Finanzéierung.

D'Gesetz selwer gesäit, wann ech mech net verzielt hunn, och net manner wéi zéng Règlements grand-ducaux vir, a vläicht kéint een, wa mer dann d'Gesetz géingen iwwerschaffen, och drun denken, fir déi Bestëmmungen, déi doranner festgehal goufen an déi sécher och néideg waren, fir kuerzfristeg Remedur ze schafe bei opgetauchte Problemer, eventuell och da mat an den definitiven Text vun deem Gesetz mat eranzekreien.

Am initiale Projet vum 98er Gesetz, dat jo wéi gesot da schonns '95 déposéiert gouf, stoung iwwregens de Montant, dee mer haut da mam Projet 5408 no uewen adaptéieren, nach mat nëmmen 170 Milliounen aler Lëtzebuerger Frangen dran. Deemools scho sot awer d'Commission des Affaires communales et de l'Urbanisme an hirem Rapport, dee se pour avis ofginn hat, dass déi Zomm net géing duergoen. Déi Meinung gouf och vun der Commission des Média an dem Statsrot gedeelt, esou dass dee Montant da schlussendlech op 190 Milliounen eropgesat gouf.

De Statsrot vun deemools an och d'Kommissionsmembere louchen also richteg, wann ee gesäit wéi mer de Montant dann haut no uewen adaptéieren. A genau dowéinst, well dee Chiffer net ofhëlt, mä bien au contraire wahrscheinlech mat méi interesséierte Leit an doduerch och mat nach méi Coursen an Zukunft nach wäert an d'Luucht goen, drängt sech also dann och eng Reform vum Gesetz an notament der Finanzéierung op.

Mir wëssen, an och dat hu meng Virriedner jo schonns gesot, dass de Museksunterrecht d'Gemengen eng ganz Staang Geld kascht. Mä mir sinn eis awer sécherlech all heibannen eens, dass jiddereen, ob jonk, ob al, ob aarm, ob räich, eng qualitativ héichwäerteg musikaesch Ausbildung soll kënnen kréien, wann en dat wënscht.

Dat heescht am Kloertext, dass d'Gemengen net kënnen higoen a Coursen zu Präisser ubidden, wou nëmmen nach bestëmmte Schichten, wéi dat ganz fréier mol de Fall war, sech eng Museksschoul oder awer och e Conservatoire kënnen leeschten. A wann ech als Beispill d'Präisser fir d'nächst Schouljoer aus menger Gemeng, also vun Diddeleng huelen, da gesäit een, dass déi och méi wéi sozial sinn. Als Beispill: E Cours collectif fir Kanner kascht 20 Euro pro Joer an ee fir Adulté 75 Euro.

Déi Präisser ënnermaueren also och meng Bemierkung vu virrun, nämlech d'Recht op musikaesch Ausbildung fir jiddereen.

Hei stinn awer menger Meinung no net nëmmen d'Gemengen an

der Pflicht, mä och de Stat; also rëm en Argument méi fir d'Gesetz an d'Finanzéierung ze iwwerkucken.

Mir waren eis an der Kommissioun och eens, dass et wichteg war de Projet 5408 elo ze stëmmen, an d'Madame Rapportrice huet et jo och schonns ugedeit, dass mer dem Ministère mat op de Wee ginn hunn, mol fir d'éischt am klengen Krees mat de Concernéierten ze kucken, wou d'Gesetz vun '98 reformbedürftig ass an duerno eréischt eng Detaildiskussioun hei an der Chamber driwwer ze féieren.

Heibanne wäerte mer eis sécher och eens driwwer sinn, dass d'Gemengenautonomie beim Enseignement musical net a Fro gestallt soll ginn an dass d'Gemengen nach ëmmer selwer am beschte wëssen, wéi si op hirem Terrain de Museksunterrecht, respektiv eng Musekschoul fonctionnéiere solle loosse. Och dëst soll ee beim Iwwerschaffe vun deem Gesetz awer net aus den Ae verléieren.

Och déi eenzel Responsabel vun de Museksschoulen an de Conservatoire si bestëmmt, genau wéi dat '98 de Fall war, rëm bereit matzeschaffen, an duerfir soll een dann och si kontaktéieren, ier ee géing konkret Virschléi maachen, wat schlussendlech da bei deem Gesetz elo ze ännere wär.

D'Gesetz vun '98 ass am Fong eng Kompromëssléisung zwëschent dem Originaltext gewiescht, den Avisen an och den Iwwerleeunge vun den deemolege Kommissionsmemberen. A wann een deemools bei esou enger grousser Neierung e Kompromëss fonnt huet, da sinn ech och iwwerzeegt, dass dat bei neien Diskussiounen iwwert dëst Gesetz sécherlech och méiglech wäert sinn.

Dee Kompromëss vun deemools erfüllt sécherlech, wéi dat bei all Kompromëss ass, net d'Wënsch vu jidderengem, mä en huet awer an de leschte siwe Joren de Museksunterrecht hei zu Lëtzebuerg net nëmmen harmoniséiert, mä och den Niveau verbessert, an ech mengen dat eleng ass schonn e grouse Mérite fir dëst Gesetz.

Här President, Madame Statssekretärin, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur sot 1998 um Schluss vu senger Intervention, an ech zitéieren: „Mir sinn eis bewosst, dass dëst Gesetz en éischte wichtege Schrëtt um Wee vun enger Harmoniséierung am Museksunterrecht hei am Land ass, an ech bieden lech duerfir am Numm vun der Kommissioun, am Interessi vun der musikaescher Kultur an eisem Land, dëst Gesetz ze stëmmen. Well mat dësem Gesetz kritt endlech d'musikaesch Kultur an Ausbildung hei zu Lëtzebuerg déi Unerkennung an dee Stellwäert, déi se verdéngen.”

Fir dass dat esou bleift, ënnerstëtzt meng Fraktioun natierlech de Projet de loi 5408 an ënnerstëtzt och d'Regierung wa se op de Wee wäert goen, zesumme mat allen Acteuren um Terrain, dass ganz Gesetz vun der Harmonisatioun vum Museksunterrecht ze iwwerschaffen.

Domat soen ech lech Merci fir Är Gedold zu dëser spéider Stonn an natierlech vergiessen ech net der Rapportrice Merci ze soe fir hir vill Méi beim Rapport. Merci.

**Plusieurs voix** - Très bien.

**M. le Président** - Merci, Madame Dall'Agnol. Als leschte Riedner ass den Här Roby Mehlen ageschriwwen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Robert Mehlen (ADR)** - Merci, Här President. Ech wëll déi Kolleeginnen a Kolleegen, déi bis elo ausgehalen hunn, berouegen; ech si ganz kuerz. Eigentlech sollt de Kolleg Gibéryen hei schwätzen. En huet mech gebieden a senger Plaz e puer Wuert hei ze



soen, well en net konnt hei sinn. Hien huet sécher bedauert, net den excellente mëndleche Rapport vun der Madame Stein hei kënnen ze suivéieren, mä duerfir huet e mir awer gesot, datt si en excellente schréffleche Rapport verfaasst gehat hätt.

Ech hunn allerdéngs elo an der Diskussioun misse feststellen, datt et zwar en excellente Rapport war, Madame Stein, mä datt mer awer nach eng ganz Partie Problemer an deem Secteur behalen. Dat heescht, datt dat, wat da mar soll gestëmmt ginn, bei wäitem d'Problemer, déi mer an dem Enseignement musical hunn, net wäert léisen.

D'Problematik, déi hei ëmmer erëm uklängt, ass jo zu engem groussen Deel déi vun der Käschteendeelung am Enseignement musical tëscht dem Stat an de Gemengen. An d'Madame Flesch huet hei drop higewisen, zu wat fir enge komesche Situatiounen datt dat féiere kann. Ech mengen do, an dat féiert wäit iwwert dëse Projet eraus, mä et misst ee sech trotz allem mol eng kéier Gedanke maachen, och wann een dat am historiesche Kontext gesäit, wéi den öffentlechen Enseignement hei zu Lëtzebuerg gewuess ass, wéi en dës le départ an der Verantwortung vun de Gemenge war, mä, wann een dat haut awer e bëssen distanzéiert kuckt, ee sech wierklech d'Fro muss stellen: Ass dat nach ganz richtig, och wat den Engagement vum Léierpersonal ubelaangt?

Ech schwätzen elo a mengem perséinlechen Numm, dat ass och bei eis an der Fraktioun nach net ausgeräift, mä ech froe mech ob et haut nach richtig ass, datt den Enseignement primaire esou staark op d'Gemengen achséiert ass. Déi Fro, mengen ech, wär, wann ee schonn eng kéier un déi ganz Reform do drugeet, sécher iwwerleeëswäert. Dann hätt een op d'mannst déi bësse bizarr Situation aus der Welt geschaf. Virun allem virum Hannergrond, wéi hei ganz richtig gesot ginn ass, datt den Enseignement musical e Recht fir all Kand, wat wëll Musek maachen, och soll sinn.

Mä perséinlecht Gefill seet mer, datt et da vläicht gradesou gutt wär, et géing een dat komplett op de Stat iwwerdroen. Mä wéi gesot, dat ass eng generell Diskussioun an der Aufgabendeelung tëschent Stat a Gemeng.

Ech wëll, Här President, éier ech - wat keen iwwerrasche wäert - soen, datt mir deem Projet hei zoustëmmen, nach eng aner Remarque maachen, och wa se net direkt am Kontext mat dësem Projet de loi ass, an dat ass de Museksunterrecht an eise Primärschoulen, wou jo Zäit derfir virgesinn ass, wou mer awer musse leider feststellen, datt härerlech wéineng qualifizéiert Personal do ass.

A wann een dat dann esou e bësse riets a lénks héiert, déi eng dat mat e bësse méi Fachkenntnis a méi Engagement maache wéi déi aner; dann ass dat eppes wat ze bedauern ass. D'Musek ass eppes ganz Wichteges. Si gehéiert zur Allgemengbildung. Wann ee Leit, déi sech méi intensiv domadder ofginn, därff gleewen, dann dréit se souguer an engem net onbeträchtleche Mooss zur intellektueller Entwécklung vun deene jonke Mënsche bäi, esou datt ee menger Meenung no och de Problem wierklech ganz vir um Enn misst ufänken, vläicht scho virum Primaire.

Ech soen dat mat e bëssen Häerzblutt derbäi als een, dee laang bénévoé an deem Secteur wat de Gesank ubelaangt e bëssen tätég war an och haut nach tätég ass, awer leider gesäit, datt d'Begeeschter och bei deene jonke Leit, fir selwer a Gesanksveräiner oder a Museksveräiner ze goen, dach awer staark nogelooss huet, an datt mer a ville Secteure Rekrutierungsschwieregkeeten hunn, wat vläicht drop zrëckzeféieren

ass, datt et vu klengem un net méi vermëttelt gëtt, datt mer vill méi konsuméiere wéi selwer Musek maachen. Bei de Museken ass eng positiv Entwécklung Gott sei Dank och duerch dat Gesetz hei komm. Bei de Gesanksveräiner ass et leider Gottes e bësselche méi schwieereg.

Ech wollt dat awer als Ureegung trotzdeem matginn, och wann et net direkt am Kader vun dësem Gesetz ze gesinn ass. Dat gesot, soen ech lech och - ech mengen, d'Madame Minister oder Statssekretärin wäert nach schwätzen - als deen zweetleschten Orateur Merci fir Är Gedold, a mir wäerten dëse Projet och stëmmen.

**M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Elo huet dann d'Regierung d'Wuert. Madame Statssekretärin Modert, et wier elo un lech. Ech ginn lech d'Wuert.

**Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.** - Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll vläicht fir unzefänke froen, wat Der elo am léifsten hätt: Soll ech kuerz sinn oder soll ech op all Fro äntwerthen?

**(Interruption)**

Vu datt jo net méi vill Leit hei kënnen sinn, huelen ech un, datt déi, déi et nach kënnen sinn, léiwer hätten, ech géif op d'Froen äntwerthen.

Ech sinn emol fir d'alleréischt ganz frou iwwert déi allgemeng an eestëmmeg Zoustëmmung, déi Der hei zu dësem Gesetz wëllt ginn, a soen dofir Merci. Et kënn ee jo scho bal mengen, dat wär orchestréiert, net? Ech stoung schonn eng kéier hei wéi d'Gemengen...

**(Interruption)**

Ech sinn och ganz frou doriwwer, datt, wann de Stat de Gemengen zousätzlech Sue gëtt, Der dann domadder eestëmmeg zefridde sidd - vläicht net ganz zefridde sidd, awer jiddefalls zoustëmmt. Ech stoung schonn eng kéier hei virun e puer Méint, du war och esou e Gesetzestext wou de Stat de Gemenge Sue bäiginn huet. Do waart Der och eestëmmeg domat d'accord. Also hu mer jo schonn emol ganz vill Gemeinsames an deem dote Kontext.

Da géif ech gäre feststellen, datt de Géigestand vun deem Gesetzestext, iwwer dee mer haut schwätzen, eigentlech just eenzeg an eleng deen ass, fir de Gesamtbetrag eropzesetzen, deen de Budget vum Kulturministère iwwerhëlt am Käschtépunkt vum Gemengemuseksunterrecht, deem Museksunterrecht, deen d'Gemengen ubidden, an dat vun 2005 un. Dat ass bedéngt doduerch, wéi scho gesot ginn ass - an nach eng kéier villmools Merci, Madame Rapportrice, fir dee gudden Rapport, a Merci fir Är Aarbecht alleguer -, datt zwee Institute en neie Statut kritt hunn, an datt d'rophen de gesetzleche Plaffong net soll déi aner Gemengen ze vill benodeelegen.

Ech wëll just soen, datt dee Gesamtbetrag, deen an dësem Gesetz drasteet, jo net alles ass wat bezuelt gëtt, mä datt nach eng kéier en Drëttel derbäigeluecht gëtt iwwert de Fonds communal de dotation financière.

Da kënn derbäi, datt mer d'Gesetz vun 1998 elo effektiv déi éischte kéier hei ganz punktuell änneren. Dat ass ëmmerhi mat engem Deel Sue verbonnen, well virun 1998 de Stat näischt bäigeluecht huet beim kommunale Museksunterrecht. Vun näischt op haut, wéi d'Madame Stein géif soen, bal 300 Milliounen aler Frang, ass jo alt schonn e kleng Sprong.

Déi zweet Saach, déi een, mengen ech, heizou muss soen, dat ass, datt ganz vill Aspekter matspillen. Éischstens ass et e fakultatiiv Ugebuet vun de Gemengen. Och wa mer natierlech frou sinn, datt dat

ëmmer méi flächendeckend gemaach gëtt, an natierlech sinn ech och ganz frou doriwwer, datt gesot ginn ass, datt d'Musek éischstens wäertvoll ass, zweetens scho bal e Grondrecht ass. Mä mir sinn am Beräich vun engem fakultativen Ugebuet an net wéi am Enseignement primaire, dat obligatoresch ass.

En aneren Aspekt: d'Autonomie communale. Do hu mer net agegraff, an dat war och deemools 1998 weder gewollt vun der Regierung nach vun der Chamber. D'Autonomie communale spillt also a mécht aus, firwat esou vill Ennerscheeder sinn ënnert de Gemengen, wat déi eng erëmkreien a wat anerer erëmkreien.

Verschidden Aart a Weise fir ze organiséieren, verschiddenaarteg Qualifikatiounsugebueder, Qualifikatioun vun den Enseignanten, en anert Bezuelen, aner Paien, aner Definitioune vun den Tächen, op där enger Plaz Déchargen, op deenen aneren net, en anere Statut vum Personal, Niewenaktivitéite vun den Enseignanten, déi mat erageholl ginn an dee ganze kommunale Museksunterrecht oder net, déi déi eng iwwert déi normal Tache lafe loosse, déi aner net, den Niveau vum Unterrecht selbstverständlech als solchen, an dann natierlech verschiddenaarteg Koeffizienten, déi iwwert d'Gesetzter respektiv iwwer Reglement festgeluecht ginn, fir erëmzebezuere jee nodeem ob Musekschoulen oder Conservatoires organiséiert Coursen ubidden.

Also d'Autonomie vun de Gemenge fir hir Coursen ze organiséieren, fir hir Leit anzustellen, fir hir Leit ze bezuelen, dat bedéngt, datt et keng homogen Situation ass an et och guer keng vergleichbar Situatioun gëtt a ka ginn tëschent de Gemengen. Déi kombinéiert Applikatioun vun der Autonomie a vum Plaffong mécht och, datt et esou grouss Ennerscheeder gëtt vun enger Gemeng op déi aner am Betrag deen se erëmkreien.

Dobäi muss ee soen, datt déi Gemengen, déi hei ugeschwat gi sinn an déi wäit iwwert deenen zwee Drëttel leie vum Remboursement, hire Museksunterrecht aneschtens organiséiert hunn, an déi Gemengen, déi wäit ënnert deenen zwee Drëttel leie wat se erëmkreien, manifest och déi sinn, déi ganz kloer do aner Kritären usetze bei der Organisatioun vun hirem eegenen Enseignement musical.

Ech wëll nach eng kéier soen, datt virun 1998 keng direkt staatlech Bedeelegung do war, mat Ausnahme vun e puer Subsidë beim Museksunterrecht. Ech wëll och nach eng kéier soen, datt, wa gesot gëtt, datt de Museksunterrecht méi deier ginn ass zënter dem Gesetz vun 1998, wéi wann do eng Kopplung géif bestoen, ech natierlech da froe muss: Ass et da wierklech gutt wa mer de Plaffong systematesch nach weiderhi géifen unhiewen an dat vläicht e Risiko wier, datt d'Spiral nach weider géif dréien, et nach weider méi deier géif ginn?

Ech wëll och vläicht soen, wann ee seet, firwat hu mer en extrat Gesetz gemaach fir e puer dausend oder Milliounen Euro, dann ass dat op déi eng Aart wouer, mä op déi aner Manéier huet et erméiglecht, dat hei nach eng kéier alles ungeschwätzen an och dee Moment eng Demande d'interpellation anzébréngen. Déi Demande d'interpellation, do géif ech eigentlech virschloen, datt een déi mécht wa mer ausgewäert hu wat mer an deem Aarbechts- a Reflexiounsgrupp, deen nom Hierscht agesat gëtt - sou wéi mer et schonn ugekënnegt haten an der Chamberskommissioun - wann do éischt Resultater do sinn. Ech mengen, et

ass déi nätzlechste Aart a Weis fir et dann ze maachen.

Ech muss awer soen, datt déi Aarbechten do och nach net kënnen direkt esou ulafe wéi mir dat wëllen, well mer net vun alle Plazen a vun alle Gemengen d'Statistiken hunn, déi mer brauchen. Enner anerem zum Beispill ass de Syndikat vu Réiden ee wou mer net all Donnéeën eran hu wéi mer dat bräichte fir eis Aarbechten.

**(Interruption)**

Ech muss awer och soen,...

**(Interruptions)**

...datt all déi Froen hei, déi Dir berechteterweis stellt, och alleguerte schonn an der Kommissioun ugeschwat gi sinn a mir se och alleguerten do, oder bal alleguerte beäntwert hunn, esou datt ech sécherlech iwwer vill Saachen elo ka méi séier driwwer ewechgoen. Berouegt lech also, ech wäert net méi esou laang schwätzen.

Période probatoire, Madame Flesch, do hutt Der Recht. Déi fënnef Joer, déi si weder am Gesetz nach am Reglement drageschriwwen. Déi fënnef Joer hu mer éischstens gemaach fir datt een eng gewëssen Experienz kritt, fir datt ee ka kucke wéi et geet, an dann entscheiden, ob een et zougesteet oder net. Dat ass och am Accord mat deene Gemengen, déi selwer den neie Statut froen, ofgemaach ginn. Fënnef Joer sinn agesat ginn, well dat déi normal Dauer ass vun der Division moyenne.

**(Interruption)**

Ech weess, Dir hutt vill Froe gehat, mä vläicht net onbedéngt vill Loscht fir Äntwerthen op se all ze kréien,...

**(Interruptions et hilarité)**

...mä wann een dann nach just d'Activités accessoires vun de Militärmuseker uschwätzt, ass et esou, datt se déi kënnen maachen, datt se awer als Statsbeamten och un de Statut vum Statsbeamte gebonne sinn, an duerfir ass déi Ziel vun den zousätzleche Stonnen a Coursé beschränkt. Allerdéngs wann ee Coursé muss ubidden, fir déi net genuch Enseignanten disponibel sinn, da kann een och eng Derogatioun kréie fir méi Stonnen.

An d'Saach mat den dräi Langues administratives gëtt esou behandelt, wéi dat fir de ganzen Enseignement gemaach gëtt: Et besteet och do eng Méiglechkeet vun Dispens vun enger vun de Sproochen.

Da wëll ech soen, datt mer mat eise puer Aussoe schonn an Uecht huelen, wéi eng komplex Matière et ass, iwwert déi een natierlech laang kënn diskutéieren, iwwert déi mer och méi laang geschwat haten an der Kommissioun, wou mer och en Deel Saache gekläert haten; datt duerfir déi Grupp agesat gëtt, an déi och de Syvicol wäert mat agebonne ginn, an anerer déi Coursen ubidden, fir alles ze iwwerkucken.

Ech wëll domadder just zousätzlech, fir ofzeschléissen, soen, datt mer alleguerten eens sinn, datt

d'Gesetz vun 1998 positiv Auswierkungen hat. A wann dat de Fall ass, da war et och néideg, gläichzäiteg, fir datt et net sollt ausfeieren, e Plaffong dranzesetzen. A wann een de Gesamtbetrag hält, deen elo am Gesetz steet, dee jo schliesslech héich ass, wou nach en Drëttel op engem anere Wee dobäikënn, da muss ee jo awer deelweis Uecht doen, wéi een dat Ganzt organiséiert, fir datt et net ze vill explodéiert.

Mir wëllen net an d'Gemengenautonomie heibäi agräifen an déi a Fro stellen. Dat ass wéi gesot elo net viséiert, an dat war et och net 1998. Ech kënn mer och virstellen, datt et nach zousätzlech Finanzierungsquelle gëtt. Do kann een eegestänneg op Gemengenniveau virgoen. Et sinn nach verschidden aner Méiglechkeeten do.

Dozou muss een nach bemierken, datt et natierlech flott wär, wann an der Primärschoul vill méi Akzent op de Museksunterrecht géif gesat ginn, dee jo zum Deel souwisou soll gemaach ginn, deen awer leider net ëmmer gemaach gëtt oder mat ënnerschiedlecher Qualitéit. Do wär natierlech och eng Méiglechkeet fir d'Gemengeverantwortlech, fir do nach e bëssen nozehélfen.

An da wëll ech - fir definitiv ofzeschléissen - soen: D'Gemengenautonomie wëlle mir respektéieren. Ech denken, datt et awer och wichtig ass, déi dräifach Motivatioun vum Gesetz vun 1998 oprechtzehalen, nämlech ze förderen, datt een an de Museksunterrecht soll kënnen goen, entweder einfach aus Spaass un der Musek, oder fir sech eventuell op eng professionell Carrière virzubereeden, an datt drëttens d'Museksausbildung fir Erwuessener viséiert ass.

Och dat bedéngt erëm, datt natierlech extrem grouss Ennerscheeder sinn zwëschen dem Ugebuet, zwëschen dem Zweck vun der Saach, zwëschen dem Käschtépunkt. Dir gesitt also elo schonn, datt et net einfach wäert si fir eng aner Lösung ze fannen oder fir eng Lösung ze fannen, déi fir jiddfereen d'selwecht géif kënnen applikabel sinn.

Trotzdeem mengen ech, datt mer hei e ganz grouse Konsens hunn, net nëmmen doriwwer, datt de Stat hëllef bezuelen, mä och iwwert d'Nätzlechkeet an iwwert d'Wichtigkeet vum Ugebuet, vum Museksunterrecht a vun der Museksausbildung. Also denken ech, datt mer och op villen anere Punkte wäerten Accordé fannen.

Merci villmools.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Madame Statssekretärin. Domadder si mer fir haut fäerdeg. Eis nächst a lescht Sëtzung vun der Sessioun 2004-2005 geet mar de Mëtten um hallwer dräi un. Ech soen lech Merci, dass Dir et esou laang ausgehalen hutt.

D'Sëtzung ass opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 19.56 heures)**



Chambre  
des Députés  
LUXEMBOURG

d'Chamber online op **www.chd.lu** mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live